



## Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespréich vun der Mme Hetto mat de Schüler am LYCEE TECHNIQUE  
JOSEPH BECH zu Gréivemaacher 27.04.2011

E Mëttwoch den 27 Abrëll koom d’Françoise Hetto-Gaasch, Ministesch fir Chancegläichheet op Besuch an de Lycée Technique Joseph Bech zu Gréivemaacher. Dëst, am Kader vum MEGA on Tour, enger Série vun Diskussionsronnen wou d’Ministesche sech mat Schüler aus verschidde Lëtzebuerger Lycéen iwwer Chancegläichheet an d’Aarbecht vun hirem Ministère ënnerhält.

Eng 60 Schüler aus der 11e an 12e haten sech vun 9.15 Auer un an der Salle multifonktionnelle vum LTJB versammelt fir op d’Ministesche ze waarden. D’Schüler waren entweder an der Sektoun „technique général“ oder „administration et commerce“ ageschriwwen, wat mat sech bruecht huet, dass si sech am Laf vun der Diskussioun vill fir d’Welt vun der Entreprise interesséiert hunn.

Well d’Diskussionsronn réischt ëm 9.30 sollt ulafen, hat all Schüler genuch Zäit fir de Flyer auszufüllen, dee jiddfereen op séngem Stull fonnt huet, zesumme mat engem Dépliant iwwert ee neie Concours dee vum Ministère organiséiert ginn ass.

Um Flyer stoung, wéi üblech beim MEGA on TOUR, di folgend Fro: „Stell der fir du wiers Minister oder Ministesch fir Chancegläichheet, wat géngs du fir Chancegläichheet maachen?“ Jiddwereen wousst direkt eppes dozou ze schreiwen an huet fir säin ausgefëllte Flyer d’CD vum Concours „Write Your Song“ kritt.

An der Tëschenzäit war d’Ministesche mat 2 Responsable vum Ministère am LTJB ukomm, a gouf vum Direkter, den Här Gilles Estgen, a vun der Mme Caroline Haas, attachée à la direction, waarm empfaangen. Zesumme sinn se an d’Salle Multifonktionnelle eropgaangen wou net nëmme Schüler, mee och Vertrieeder vun der Presse op si gewaart hunn.

## MEGA Concours 2011

Dëse MEGA ON TOUR wor nämlech eng speziell Geleeënheet. De Ministère (MEGA) huet vu senger Visite op Gréivemaacher profitéiert, fir de neie MEGA Concours 2011 ze lancéieren. Suwuel den LTJB wéi de Ministère haten dofir och d'Presse komme gelooss.



Nodeems den Direkter d'Ministesch présentéiert huet, ass et dann och lassgaangen. Als éischt huet de Web content manager vum Site [www.echismega.lu](http://www.echismega.lu) de Concours am Zesammenhang mam Site presentéiert.

Beim Concours geet et drëms ee Bild ze zeechen deen d'Gläichheet vu Fraen a Männer, Jongen a Meedercher illustréiert. Dem Gewënner säi Projet gëtt

dausendfach op T-shirte gedréckt. Ausserdeem sinn 3 Akafsschäiner virgesinn, déi an ausgewielten Mol- a Bastelbuttéker zu Lëtzebuerg ageléist kënnen ginn:

1. Präiss: Een Akafschäin vun 1000 Euro.
2. an 3. Präiss: Akafschäiner vun 500 Euro.

De Web Content Manager huet och drop higewisen dass all d'Détailler vum Concours an der gekennzeechenter Rubrik um Internetsite [www.echsimega.lu](http://www.echsimega.lu) accessible sinn.

### Aarbechtsberäicher vum Mega

No dëser kuerzer Prësentioun huet d'Ministesch d'Diskussioun agefouert. Fir di Jonk konkret unzeschwätzen huet si als éischt emol gefrot wéi d'Schüler aus dem LTJB d'Gläichheet gesinn an op et géing stëmmen, dass d'Meedercher besser an der Schoul ofschneiden? D'Schüler hu net laang drop gewaart fir op dës liicht pikant Fro ze reagéieren. Verschidde vun hinnen hun zum Beispill geduecht dass Meedercher méi fläisseg sinn.

Obschonns d'Ministesch dëst net bestreide wollt, huet si d'Schüler gebieden, sech Gedanken ze maachen ob dat wierklech esou sollt sinn; kéinten d'Jongen da net grad esou fläisseg ginn? Kéim deen Ënnerscheid tëschent Jongen a Meedercher net dovun, dass d'Meedercher éischter schoulfähig gemaacht ginn wéi d'Jongen? An deem Zesammenhang huet d'Ministesch drunn erënnert dass Meedercher zu

Lëtzebuerg generell besser ewéi d'Jongen an der Schoul ofschneiden, wat drop hiweist, dass am Endeffekt d'Jongen och u gewëssen Ongläichheeten leiden.

Hier Meenung no, wier ee vun de Grënn dofier vläicht deen, dass et am Léierpersonal ëmmer méi Frae gëtt; esouwuel am Préscolaire wéi och an de Primärschoulen a mëttlerweil och an de Lycéen.

Fir d'Ministesche war et kloer, dass et besser wier wa méi Männer an den Enseignement géinge komme, an zwar op alle Niveauën. Sou géingen d'Schüler och mat engem Personal ze dinn hunn, wat ausgeglachen distribuéiert wier. Iwwerhaapt géing dëse Problem an der Situatioun vun de sozialen a paramedikale Beruffer verstärkt optrieden, wou et heinsdo zu engem akuten Mangel u männlechen Betreier kënnt.

Do drops hinnen huet d'Ministesche di verschidden Zoustännegkeetsberäicher vum Ministère virgestallt. Ee ganz wichtegen Beräich ass dee vun der Aarbecht. An Europa, sot d'Ministesche, géingen d'Fraen am Duerchschnëtt 19% manner bezuelte gi wéi d'Männer bei där gläicher Aarbecht. Natierlech wollten d'Schüler wësse firwat dat esou wier, an d'Ministesche ass mat hinnen duerch di ënnerschiddlech Grënn duerchgaangen.

Ee Grond ass dass d'Männer erzu ginn, fir méi selbstbewusst un den Aarbechtsmarché erunzegen. Bei engem Virstellungsgespräch géing zum Beispill e Mann éischer versichen eng besser Pai ze négociéieren wéi eng Fra.

En anert Beispill fir de Lounënnerscheed ass, dass d'Aarbecht vun de Fraen net esou gutt ugesi gëtt. Dofir hat d'Mme Hetto-Gaasch ee Beispill deen di Responsabel vum Chancegläichheeteministère selwer erliewt hunn. Si huet erzielt wéi eng gewësse Botzfirma sech beim Ministère gemellt hat fir hinnen hir Servicer unzebidden. An der Proposition war d'Aarbecht vun de männlechen



Aarbechter awer méi héich tariféiert wéi déi vun hire wiebleche Kolleginnen. Wou de Ministère nogefrot huet, huet sech de Patron esou gerechtfertegt dass d'Männer eng méi geféierlech Aarbecht géinge leeschte wéi d'Fraen. Fir d'Ministesche ass dëst e kloer Fall vun Diskriminatioun, well di schwierig an oft genau sou geféierlech Aarbecht vun de Fraen net d'selwecht considéiert a gerecht bezuelte gouf.

D'Mme Hetto-Gaasch huet dunn erkläert, dass de Ministère sech grad fir sou Ongläichheeten aasetzt. An zwar mat engem Programm deen de Numm „Actions positives“ dréit. An deem Programm geet et drëms, dass Entreprise sech mat hirer

interner Astellungs- a Lounpolitik befaassen. Dee Moment kuckt d'Entreprise zesumme mam Ministère mat wéieng Mesuren een d'Gläichheet bannent der Entreprise ka fuerderen. Op dat Thema sinn d'Schüler dann och duerno zrëckkomm.

### **Wéi soll een op Prostitutioun reagieren?**

Mee virdrun ass d'Ministesche op een anert Thema eriwergaangen, nämlech dat vun der Prostitutioun.

Als éischt huet si de Schüler erkläert wéi et zurzäit mat der Reegelung vun der Prostitutioun zu Lëtzebuerg steet: Prostitutioun ass verbueden, mee gëtt an der Hauptstat op streng definéierte Plazen an zu streng définéierten Zäiten toleréiert.

Duerno huet d'Ministesche erkläert dass och dat Thema vum MEGA traitéiert gëtt. De Ministère befaasst sech engersäits mat der Traite des êtres humains, déi gesetzlech verbueden ass, well do Leit géint hire Wëllen an d'Prostitutioun gezwonge ginn.

Anersäits gëtt et och di klassesch Prostitutioun wou di Prostituéeiert aus eegenem Wëllen hire Kierper fir Geld ubidden. Zu deem Thema wollt d'Ministesche d'Meenung vun de Schüler aus dem LTJB wëssen, well de Ministère grad am Gaangen ass z'analyséieren wéi een der Prostitutioun entgéint soll kommen.

Zum Beispill interesséiert sech de Chancegläichheitsministère um schwedesche Modell. A Schweden gëtt et e Gesetz wou de Klient vun enger Prostituéeierter bestroft gëtt, an zwar mat Amendes déi bis zu 1.000 Euro eropginn. D'Ziel vun deem System ass, d'Clienten ofzeschrecken, an domat d'Demande réckgänge ze maachen.

De Schüler hire Reaktiounen no, konnte ee verstoen dass dat en Aspekt vum Thema war, dee si net kal gelooss huet: wou di eng sech d'Fro gestallt hunn firwat ausgerechent de Client bestroft gëtt, hunn di aner awer geduecht dass dës Décisioun méi logesch wier, well et de Client jo ass, deen duerch seng Demande d'Prostitutioun finanzéiert an ënnerstëtzt.

Trotzdem huet ee Schüler gemengt, dass d'Prostitutioun net fir näischt den eelste Beruff vun der Welt wier, an dass een deem Phänomen net esou séier aus de Féiss géing kommen.

Aus enger anerer Rei huet et geheescht, dass ee mat séngem Kierper dat mëcht wat ee wëllt. Dëst wollt d'Ministesche net bestreiden, mee si huet awer drun erënnert dass eng Fra oder e Mann sech net aus Freed prostituéiert, mee dass d'Prostitutioun dacks do optrëtt wou et Ofhängegkeetsproblemer gëtt mat Drogen, oder wou eng Persoun sech a perséinlecher oder finanzieller Nout befënnt.

Ganz op de Punkt bruecht huet et och déi Schülerinn, déi folgend Fro gestallt huet: „Wou geet d'Gewalt hinn, wann een d'Prostitutioun ganz verbidd?“

Déi Fro wier berechtigt, huet d'Ministesche gemengt. Tatsächlech ass d'Prostitution a Schweden seit der Aféierung vum Gesetz zeréckgaangen. Trotzdem ginn di schwedesch Autoritéiten zou, dass si net wëssen ob di eenheemesch Clienten vläicht net awer an d'Nopeschland Finnland ginn, well do d'Prostitutioun erlaabt ass.

D'Ministesch ass dunn op Däitschland eriwergaange, wou d'Prostitutioun op eng aner Art a Weis gehandhapt gëtt. An Däitschland ass d'Prostitutioun erlabt; d'Prostituëiert hunn ee spezifesche Statut, si hunn d'Recht op eng Krankekees a kréie Visite vum Dokter. Ausserdeem schaffe si a speziell ageriichten Haiser déi elektronesch mam Policebureau verbonne sinn, am Fall wou ee Client sech géing als gewalttäteg erweisen.

Grad well ee Schüler gesot huet, dass d'Lëtzebuurger dowéinst an d'Ausland ginn, huet d'Ministesch drun erënnert, dass Lëtzebuerg e klenge Land ass. Deementspreechend muss d'Gesetz och berücksichtegen wéi d'Gesetzesgebung an de Nopeschlänner ass. Et kéint zum Beispill och net sinn, dass d'Fransousen enges Dags op Lëtzebuerg fueren, well hei d'Prostitutioun op eemol ganz erlaabt géing ginn.

Wat de Reiz vun der Prostitutioun ugeet, huet eng Schülerinn gemengt, dass d'Medien sech och dru bedeelegen, well si iwwerall ee bestëmmt Bild vun der Fra vermëttelen. D'Ministesch war ganz averstane mat dëser Remarque, an huet och gemengt dass grad de Reiz vun Prostitutioun mat der Art a Weis ze dinn huet wéi d'Fraen an de Medien duergestallt ginn. „Soulaang et gekuckt gëtt, gëtt et bruecht“ huet se gesot.

Enchaînéiert huet si mat enger Anekdote déi ervirhiewt wéi wäit d'Muecht vun de Medie ka goen. A Spuenien gouf et e Problem, well vill Meedercher a Models u Magersucht gelidden hunn. D'Situatioun asse sou wäit gaangen, dass e Gesetz gestëmmt ginn ass, wat d'Minimalgewicht vun de Models festgeluecht huet. Dëst Gesetz huet et erméiglecht ee méi gesond Schéinheitsideal ze schafen.



## **Gewalt doheem**

Do dropshinn huet d'Ministesch den drëtten Aarbechtsberäich vum Ministère abordéiert, dee vun der häuslecher Gewalt. Ganz kuerz huet si erkläert wourëms et beim sougenannte „Wegweisungsgesetz“ geet, dat zënter 2005 (2003?) a Kraaft getrueden ass: Gëtt an enger Famill de Partner oder e Kand kierperlech mësshandelt, sou kann hien oder hatt direkt d'Police uruffen. D'Police lancéiert dann eng ganz rapid Prozedur wou nach de selwechten Dag den Täter vum Haus fir eng gewësse Frist weggewise gëtt. Dës Mossnahm verhënnert kuerzfristeg, dass der Victime nach méi Leid gedoe gëtt.

Nodeems d'Leit vum Ministère mat de verschidden Partner an Associatiounen déi un deem Dossier bedeelegt sinn geschwat hunn, ass elo eng nei Versioun vun deem Gesetz an d'Chamber gerecht ginn.

Zwee Verbesserungsvirschléi sinn zum Beispill dass den Täter wärend der Wegweisungsperiod kee Recht méi huet an de Kontakt mat sénger Viktim ze trieden, oder dass d'Kanner, déi indirekt vun enger Gewaltssituatioun betraff sinn, besser betreit a geschützt ginn.

Zu deem Thema huet ee Schüler gefrot ob d'Männer an deem Beräich net méi bestroft géife ginn wéi d'Fraen.

Als Äntwert gouf d'Mme Hetto-Gaasch un, dass all Mann a Fra gläich virum Gesetz ass, an dass d'Männer déi un häuslescher Gewalt ze leiden hunn, heinsdo esouguer méi schlecht ewegkomme géifen wéi d'Fraen. Sou huet si zum Beispill matkritt, dass verschidde Männer, déi sech als Affer bei d'Police gemellt hunn, net direkt echt geholl gi sinn. Vill Leit gi nämlech net dovun aus, dass eng Fra sech un hirem Mann kéint vergräifen.

All Mënsch sollt awer d'Recht ob di selwecht Hëllef oder Betreuung hunn. A well d'Männer am Moment keng Ulaflaz hunn, wou hinnen ënnert d'Äerm gegruff gëtt wann si emol an eng Noutsituatioun kommen, ass de Ministère am Gaangen mat verschidde Partner ee Projet auszubauen, wou d'Männer eng Art „Männerbureau“ kréie sollen a wou hinnen Hëllef, Rot a suguer een Dag iwwert de Kapp gebuede soll ginn.

## **D'Propositioone vun de Schüler**

Nodeems dëse Punkt och ugeschnidde ginn ass, ass d'Ministesch duerch d'Flyere gaangen, déi d'Schüler virdrun ausgefëllt haten. Op deene Flyere hat jo all Schüler d'Propositioonen opgeschriwwen, déi hien oder hatt géing maache falls deen oder dat Betreffend Minister fir Chancegläichheet wier.

Eng éischt Propositiooun war, dass een anonym Bewerbungen fir Aarbechtsplazen sollt aféieren. Aus de Schülerbänken ass d'Iddi da komm, dass eng Persoun déi sech fir ee Posten interesséiere géif net bräicht hiert Geschlecht unzeginn. Domat hätt en dann eng Chance dass den Employeur sech éischer un de Qualifikatiounen interesséiert wéi ëm d'Geschlecht. D'Mme Hetto-Gaasch huet dës Interventioun

ëmsou méi interessant fonnt, well scho vill aner Schüler an anere Schoulen och drop komm sinn.

Si huet virgeschloen dass een zum Beispill am Kader vun den Actions Positives ee Formulaire ausschaffe kéint, deen et de Leit erlaabt sech fir eng Aarbecht ze mellen, ouni dass si hiert Geschlecht bräichten unzeginn. Dee Formulaire kéint dann op fräiwëlleger Basis vun den Employeure benotzt ginn.

D'Ministesesch huet vun dëser Suggestioun profitéiert fir nach eng Kéier drop ze pochen, dass deen eenzege Schlëssel zu enger gudder Plaz di sozial a professionnel Kompetenze sinn, a net d'Geschlecht. Ee Schüler huet sech du gemëllt fir ze froen op dëst net éischter duerch ee gréisseren Mentalitéitswiessel sollt bewierkt ginn, statt vu punktuelle Mesuren. Zum Beispill huet e gemengt dass et fir een Employeur *selbstverständlech* sollt sinn, dass ee net tëschent Fra a Mann sollt diskriminéieren.

D'Mme Ministesch huet him natierlech Recht ginn. De Mentalitéitswiessel wier tatsächlech eng wichteg Saach an dofir hätt schonn hir Virgängerinn, d'Mme Marie-Josée Jacobs Sensibilisationskampagen duerchgeféiert. Ähnlesch Kampagne wiere nach elo am Gaangen. Mee leider géinge si net ëmmer duergoe fir dass d'Mentalitéite sech séier genuch änneren, well verschidde Leit nach ëmmer mengen et misst een alles esou maache wéi et fréier ëmmer gemaach ginn ass. Als Beispill dofir huet si d'Thema vun de Quoten ugeschnidden. Am Moment wier et nach esou dass d'Direktioun an de Management Männerdomainen sinn, wou d'Männer sech ënnereneen erop promovéieren, ouni dass eng Fra grouss Méiglechkeeten hätt, fir op d'Chefétagen ze kommen.

Dofir ass de Ministère am Gaangen sech z'ëmfroen, ob et vläischt Sënn mécht, gesetzlech Quoten op de Chefetagen anzeféieren fir dass do méi Frae vertrauede ginn.

D'Mme Hetto-Gaasch huet bedauert dass vill Fraen nach de sougenannte gliesene Plafong ze gesi kréichen. Si huet betount dass eng efficace Wirtschaft nëmme méiglech ass, wa souwuel d'Frae wéi d'Männer hir Meenung austausche kënnen. Dat soen och ënnerschiddlech Etuden aus Amerika aus, déi beweisen, dass Entreprise wou et ee gudde Mix u Fraen a Männer gëtt, besser ökonomesch Resultater erzielen.

Ee Schüler huet ze bedenke ginn dass de Mentalitéitswiessel och bedeit dass d'Employeuren ëmdenke solle wat de Congé Parental an d'Ersetze vun enger Aarbechterin ugeet déi a Schwangerschaftscongé geet. Hien huet gemengt dass d'Aarbechtsplaze no enger Schwangerschaft soll gehale ginn.

D'Mme Hetto-Gaasch huet bestätegt dass et wichteg ass, dass een Employé am Kontakt mat senger Plaz bleift. Aus deem Grond gëtt et zum Beispill Betriiber déi sech beméien d'Employéen déi am Congé parental sinn, weider iwwert grouss Evenementer an der Entreprise z'informéieren. Dat erméiglecht de Leit souzesoen „am Coup“ ze bleiwen, a spéider vläicht esouguer Responsabilitéiten unzehuelen. Genau dës Démarche versicht de Ministère duerch d'Actions positives an enger Vielfalt vun Entreprises ze promovéieren.

Zu de Quoten huet ee Schüler gemengt dass eng Quotefra net esou séier echt geholl gëtt well se wéinst der Quote do ass, a net wéinst hire Kompetenzen. D'Mme Hetto-Gaasch huet him Recht ginn, obschonns si iwwerzeegt ass, dass d'Quoten et erméiglechen, dass kompetent a qualifizéiert Leit op di richtig Plaz gewielt ginn, an dass dës Persounen sech duerno als solch behapte wäerten.

An der Politik ass et zum Beispill elo schonn esou dass Partei-intern Quoten et de Fraen erméiglechen, iwwerhaupt op eng Kandidatelëscht stoë kënnen ze kommen. Kandidatelëschten déi soss vun de Männer dominéiert waren. Am Ufank hate verschidde Leit et schwéier fir dat z'akzeptéieren. An der Tëschenzäit ass an deene Parteien d'Präsenz vun de Fraen op de Wahl-Lëschten eng Selbstverständlechkeet ginn.

Aus dësem Beispill eraus huet d'Mme Ministesch och d'Roll vun de Quote definéiert: eng zäitlëschränkt Mossnam, déi et erméiglecht kuerzfristeg viles ze bewierken.

Op engem weidere Flier huet ee Schüler proposéiert, dass Fraen a Männer genau di selwecht Chancen an den Entreprise sollte kréien, an dass d'Besetzung vun den Entreprisen aus 50 % Fraen a 50 % Männer sollt bestoen.

D'Mme Hetto-Gaasch huet dru gezweifelt dass dëst per Gesetz kéint festgeluet ginn. Et wier ëmmer besser, sot si, wann d'Entreprise géingen dru bruecht ginn, esou eng Politik fräiwelleg ze féieren. Am Kontext vun de Quoten zum Beispill, géingen d'Entreprisen eng Frist zougedeelt kréien, a réicht Quoten imposéiert kréien, wa sech no Oflaf vun dëser Frist näischt an der Entreprise beweegt hätt.





Eng aner Proposition vum der Säit vum de Schüler war, dass een eng Quote aféiert déi am Verhältnis vum der Zuel vum den Diplomdréier aus den zwee Geschlechter steet. Et wier nämlech ongerecht iwwerall ëmmer di selwecht Quoten z'imposéieren, wou den Aarbechtmarché a verschidde Sekteure méi Frae wéi Männer, respektiv méi Männer wéi Fraen opweist. Mat geziilte Quoten géing d'Entreprise d'Geschlechterverhältniss an den ënnerschiddlechen Aarbechtsektoren zréckspigelen.

D'Ministesch huet dat eng gudd Mossnaam fonnt, mee si huet drop higewisen dass de Betrib bereed muss sinn, dat matzemaachen, an dass de Ministère net ëmmer d'Recht huet de Betriber op d'Fangeren ze kucken. Am Beschten kuckt ee mat den Entrepreneuren zesummen wéi ee sech een errechbart Ziel kéint fixéieren. Esou een Ziil ass dass eng Entreprise op mannst drësseg Prozent vum deem engen oder deem anere Geschlecht opweise kann. Etuden hu nämlech bewisen dass di 30 % Quot eng éischt Etapp wier, fir eppes an enger Entreprise ze bewierken.

Dobäi huet si nach eng Kéier uginn, dass Quote net iwwerall sollten agefouert ginn, mee nëmmen a bestëmmten Dezisiounsgremien, fir dass do ee gesonde Mix u Fraen a Männer entstoe sollt.

Zu deem Punkt vum der Diskussioun ass d'Fro opkomm, wat da géing gescheien, falls et net genuch qualifizéiert Kandidaten géinge ginn, fir eng Quote opzefüllen. D'Äntwert vum der Ministesch war, dass an deem Beräich d'Orientatioun an de Schoulen ganz wichteg wier. Beruffer wou nëmme Männer oder nëmme Fraen gebraucht ginn, gëtt et net. Ee Beispill ass de Gesondheitssektor, wou méi Frae wéi Männer schaffen. Dat bréngt mat sech dass verschidde männlech Patienten dru leiden, dass hiren Uspriechspartner gewéinlech eng Infirmière ass, well et net genuch Männer gëtt déi sech fir dee Beruff entscheiden.

Fir ee Beruff ze wielen, huet Ministesch du gemengt, dass een sech mental an d'Zoukunft projézieren sollt kënnen. Deen Effort kéint am beschte gemaach ginn, wann een sech emol an deem een oder deem anere Beruff versetzt, un deem ee vläicht net direkt geduecht hätt. Dat wier zum Beispill d'Ziel vum engem Girls' Day Boys' Day, deem all Joer organiséiert gëtt an un deem sech de Ministère fir Chancegläichhet méttlerweil méi bedeelegt.

No dësem Deel vum der Diskussioun wou et ëm Quoten an den Aarbechtmarché gong, huet d'Ministesch eng Proposition vum engem Schüler gelies op där stoung, dass de Ministère sollt Reklam op der Télé maachen fir dass d'Leit sech iwwert d'Wichtigkeet vum der Gläichheet méi bewusst géife ginn.

Dëser Proposition ass d'Ministesch entgéint komm, andeems si erkläert huet dass et effektiv eng wichteg Roll vum Ministère ass, méi Reklam fir Gläichheet ze maachen. An deem Zesammenhang géife sech iwwregens flott Kollaboratiounen maachen, wéi dat zum Beispill viru kuerzem de Fall war mat enger Telessendung déi vum Mëtzelstännministère ënnerstëtzt war. An dëser Sendung huet ee Jury ënnerschiddlech Projeten ënner d'Lupp geholl, vu Leit déi sech selbstänneg wollte maachen. Dëss Sendung war fir d'Ministesch ee Beispill vum enger Success Story mat de Medien a mat de Leit.

Iwwregens, sot si, wier d'Grënnung vum eegene Betrib eng flott Art a Weis fir Beruff a Famill besser ze verbannen. Genausou wéi d'Schüler och, huet d'Ministesch zouginn dass dëse Choix net ouni Risiko wier. Fir dee Risiko geréng ze halen géing de Staat awer de Grënner vun Entreprises mat ënnerschiddleche Mossname begleeden. Zu deene gehéiert zum Beispill de Mentoring oder den Austausch mat rodéierte Businessmen, déi de Grënner vun enger Entreprise drop opmierksam maachen op wat en oppasse soll. Och sinn mentoring Programmer lancéiert ginn, fir engem ze hëllef en efficace Business-Plang opzestellen.

Well si och Ministesch fir Mëttelstänn ass, huet d'Mme Hetto-Gaasch de Schüler staark geroden, sech dëst duerch de Kapp goen ze loossen. Fir eng eegen Entreprise ze grënnen bräicht ee net onbedéngt vill Startkapital, dofir awer eng gudd, innovativ Iddi. Dëser Saach sollten d'Schüler sech bewusst sinn, éier dat si sech op ee Parcours festleeën.

Duerno huet d'Mme Ministesch eng Proposition virgelies, wou gefrot ginn ass, dass d'Employeuren, mee och d'Leit am grouse Ganzen, méi op d'Perséinlechkeet statt d'Geschlecht sollten uechten. Fir d'Mme Hetto-Gaasch war dës Remarque ganz pertinent am Kontext vun de Rollebiller an Klischéen déi vun de Medie vermëttelt ginn. Dorobber hunn d'Schüler réagéiert andeems si vum Dress code gewschwatt hunn. Däerf een sech z.B. erlaben mat normale Kleeder op ee Virstellungsgespréich ze goen, oder muss een fir d'Geleeënheet onbedéngt e Costume undinn? Dozou huet d'Mme Ministesch gemengt dass een minimum un Dezenz ëmmer gutt ugesinn ass, an dass et ëmmer sënnvoll ass, wann ee sech anstänneg présentéiert. Zwar misst ee net onbedéngt iwwerall am Costume untrieden, mee et wier scho wichteg ëmmer eng propper an ugepassten Tenue zu hunn, fir och dat richtegt Bild vun sech selwer auszestrahlen.

No dëser spannender an interessanter Diskussioun huet d'Mme Hetto-Gaasch all de Schüler ganz häerzlech merci gesot fir den Accueil an ass, vum Här Estgen an der Mme Haas begleed, aus dem Sall getrueden.



DONNONS UNE CHANCE À L'ÉGALITÉ  
DES FEMMES ET DES HOMMES!



MINISTÈRE DE L'ÉGALITÉ  
DES CHANCES



© LTJB 2011